N° 105
Entrée le 02.07.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

**Här President,**

Am Kader vun der Froestonn vum 2te Juli 2024 wéilt ech dem Minister fir Aarbecht eng mëndlech Fro stellen.

An den neiste Publikatioune vun der ADEM gëtt gewisen, dass d'Zuele vun den Demandeuren d'emploi ënner 30 Joer an déi vun den héich Qualifizéierte staark geklomme sinn am Verglach zu virun engem Joer. Besonnesch bei den héich qualifizéierte Leit stagnéiert d'Zuel op engem héijen Niveau säit dem Januar 2024. Eleng en Ausbau vu Formatiounen, wat d'Adem a senge Publikatiounen oft an de Vierdergrond stellt, schéngt bei dëser Problematik net adaptéiert genuch.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

Wéi erkläert sech d'Regierung dës Entwécklungen?
Wat gedenkt d'Regierung zousätzlech ze maache fir dës Entwécklungen ze stoppen?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten